Mäin iPad-Späicher ass komplett voll. Näischt geet méi!! Wat kann ech elo maachen?

Falls dëst Bild hei riets iech bekannt virkënnt, kënnt dir des Aktiounen (+ **-Community-Tipp**) maachen, vir ären iPad-Späicher ze raumen:



1

Grouss Apps läschen

Einstellungen > Allgemein > iPad-Speicher

Läscht Apps déi vill Plaz brauchen awer nie vun iech genotzt goufen.

Opgepasst: just andeems dir d'Apps innerhalb vun den *Einstellungen* läscht, ginn och wierklech sämtlech domadder verbonnen Daten vum iPad getilgt. App Icons um Homescreen unhalen, bis se wibbelen an dann läschen geet net duer!

Am Fall, wou dir Apps ongewollt geläscht hutt, soot eis op one2one@lcd.lu bescheed. Mir installéieren iech se dann nei.

2

Grouss Videoen an d'Cloud auslageren

Exportéiert grouss Videoen an den *OneDrive* an iwwerpréift op portal.office.com*, dat är Videoen propper an der Cloud gespäichert goufen. Test dat einfach, andeems dir de Video emol online ofspillt.

Wann déi Videoen bis an der Cloud (*OneDrive*) gespäichert sinn, kënnt dir se aus ärer *Foto-Mediathéik* läschen.

* evt. op engem Mac / PC

3

E-Mails mat Attachment (dt. *Anlagen*) am Microsoft Outlook läschen

Dofir muss een d'Email-Inbox no *Anlagen* filteren an duerno déi E-Mails mat groussen Dateien (z.B. Videos) gezielt läschen.



4

Safari Cache läschen

Einstellungen > Safari > Verlauf und Websitedaten löschen

Den Apple Internet Browser *Safari* späichert während dem Surfen am Internet allerhand Daten of. Dës Daten leien dann am sougenannten *Cache*.

Deen Cache kann een awer alt mol läschen, wann een dat nach nie gemaach sollt hunn.

Dans le menu «Réglages», puis «Appareil photo», désélectionnez la fonction «Conserver l'original», qui sauvegarde en double les photos réalisées en HDR.

Aller dans le dossier Photos/vidéos supprimées (elles sont conservées pendant un certain temps), et supprimer définitivement les photos/vidéos.